GEMENG PRÉIZERDAUL

2. BiergerAtelier
RAPPORT

22. Oktober 2018

Centre Culturel Op der Fabrik

PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

energie atelier

Résumé vum 2. BiergerAtelier 22. Oktober 2018

THEMA 1: Verkéiersberouegung

Iddien	Aktuelle Stand	geplangt
Rëmmereger Zone 30: • Méi promouvéieren • Schëlter & Warnsignaler opstellen • Panneau'en déi d'Vitesse miessen • Kontrolle vun der Police • Einbahnstroossen • Sensibiliséierung vun den Awunner	- Et gi keng weider Schëlder oder Warnsignaler opgeriicht. An enger 30er Zone soll ee Minimum u Schëlder stoen. - Eng Einbahnstrooss zu Rëmmereg wor viru Joren schonn ugeduercht, ass awer keng Optioun. - Ralentisseure ginn och net installéiert, wëll dat Problemer fir d'Bauere ginn a Kameidi fir déi d'Anrainer.	– Bei de Nopeschgemenge nofroen, ob Interessi besteet fir een Agent municipal mat der Dauler Gemeng ze deelen. – Directioun vun der Police uschreiwen, fir méi Kontrollen ze maachen, do wou am heefegsten séier gefuer gëtt – Artikel am Buet, iwwer parkend Autoen op Trottoiren – Affiche preparéieren fir an d'Wischere vun Autoen ze leeën, déi um Trottoir parken. Dës Affichen kritt een op der Gemeng.
Vitessekontrollen am ganzen Duerf	– Vitesse-Kontrolle si bei der Police ugefrot ginn. Wéinst Personalmangel kann d'Police vu Réiden dëser Demande awer net gerecht ginn.	
Park-Verbuet op den Trottoiren		

THEMA 1: Verkéiersberouegung

Iddien	Aktuelle Stand	geplangt
Bau vun engem Trottoire an der Buregaass	- D'Gemeng huet sech d'Situatioun op der Plaz ugekuckt a proposéiert een duerchgehende Strich als Oftrennung (wéi zu Rëmmereg).	– Den techneschen Dengscht bestellt eng Firma fir een duerchgehende Strich mat Piktogramm Foussgänger & Foussgängerin (ofwiesselend) all 10 Meter ze zeechnen.
Bauschuttdeponie: Entlaaschtung vum Verkéier op der Haaptstrooss & Horas	Eng 30er Zone fir **ALL** d'Gefierer ass op der Rue de Folschette agefouert ginn, vun N°17 bis N°35. Verschidde Bierger froen elo fir di ganz Rue de la Grotte an eng Zone 30 ze gestalten.	– De Wonsch vun den Awunner, 30er Zone an der Rue de la Grotte anzefeieren, soll ëmgesat ginn.

THEMA 2: Mobilitéit

Iddien	Aktuelle Stand	geplangt
Eng direkt Buslinn vum Daul op Miersch	De Wonsch ass beim MDDI agereecht ginn, den aktuelle provisoresche Plang gesait awer keng Direktlinn op Miersch vir.	
Bus-Verbindungen Daul – Stad – Daul no 18:00	Busverbindungen wiertes bis 22:00 & Sonndes all 2 Stonnen	Et gëtt och nach ëmmer de NightRider, wou ee kann een Trajet fir Freides a Samschdes owes bestellen. NightRider am Buet erklären
Am Kinnebësch de Rondpoint wegmaachen: Bus!	De Rond-Point bléiwt bestoen, et ass eng Verkéiersberouegung.	
Fousweeër besser beliichten	Traversée musse fir Stroum geluecht ginn - >10.000€/Zebrasträifen. Den Zebrasträife beim Mazzo ass scho ausgebessert ginn.	Am Budget 2019 ass virgesinn fir 2-3 Zebrasträife vun der Beliichtung hier conform ze maachen. Dëst soll fir di kommend Joren esou weidergefouert ginn.
Méi Bänken & Poubellen opriichten	Et si nach Poubelle bäikomm an der Gemeng.	Beim Bäcker rëm eng Poubelle bäisetzen. Bänk um Leiefeld zréckstellen. Recherchen iwwer biodegradabel Hondstute maachen
Fahrgemeinschaften organiséieren	Co-Voiturage Speed Dating den 27.9. organiséiert ginn. Et ass leider just 1 Persoun komm.	Am Buet Reklamm maachen fir di national App fir Covoiturage COPILOTE.LU
Kanner molen Déiere-Schëlder fir d'Bus-Arrêten	D'Maison Relais / Schoul maachen dat mat de Kanner.	D'Gemeng organiséiert d'Material fir Schëlder vun den 11 Bus-Arrêten.

Iddien	Aktuelle Stand	Geplangt
Vëlosubannung un den ALR	– D'Resultater vun der Machbarkeetsstudie ginn den 8. November dem Syndikat vum Réidener Kanton virgestallt & den 27. November op der Eierung vum Tour du Duerf. – Schwieregkeeten: Propriétéitsverhältnisser, Natura2000 Zone, Käschten	Studie ofschléissen, Kompensatiounsmossnamen festleeën, kucken ob Terrain kënne kaaf/getosch ginn, Käschten estiméieren
Velosweeër fir den Autosverkéier sperren	– All Feldwee an der Gemeng ass fir de normalen Duerchgangsverkéier gespaart ginn (Delibératioun vum Gemengerot)	Schëlder („C2 excepté machines agricoles, vélo, patins roulettes") an den Entrée'e vun de Feldweeër ophänken.
D'Kanner ginn dru gewinnt iwwerall mam Auto higefouert ze ginn	– De neie Kiss & Go am Shared Space ass gutt ugeholl ginn vun de Bierger. – Just beim Kierfescht ginn et nach Engpäss, wëll de Bus net laanscht all di Autoen déi falsch parke, kënnt. – Et gëtt keng Coupe Scolaire méi am Daul, just d'Vëlosschoul, déi awer méi ëmt d'Technik vum Vëlosfuere geet, wéi ëmt d'Verkéiersschëlder etc.	Verbuetsschëld beim Kiefescht ophänken fir dass de Bus gutt laanscht d'Autoe kënnt Mat der Schoul schwätzen fir d'Coupe Scolaire rëm anzeféieren.
Navette fir Musikschoul, Schwammtraining organiséieren	– Bummelbus am Buet thematiséieren (Wou däerf een hifueren, nei Präisser,...)	Artikel iwwert de Bummelbus am Buet

THEMA 3: Patrimoine *(14 Punkten)*

Iddien	Aktuelle Stand	Geplangt
Entretien vum Michel Lucius Denkmal	D'Gemeng huet d'Denkmal gebotzt.	D'Gemeng engagéiert ee neie Gäertner, deen sech ëmt de Rousegäertchen beim Denkmal bekëmmere wäert.
Kulturelle Patrimoine (Kapellen, Weekräizer, al Haiser) erhalen	Dës kulturell Elementer sinn all am PAG opgeholl. De PAG misst Enn 2019 duerchsinn.	
Geschicht opschaffen	Den Här Fernand Pletschette huet vill Material vun de leschte Jorzengten ugesammelt (um Pabéier & digital).	D'Gemeng stellt ee Raum a Computer op der Fabrik zur Verfügung fir déi Bierger, déi d'lokal Geschicht wëllen opschaffen. Bestehend Material aus der lokaler Geschicht gëtt hei zentraliséiert a katalogiséiert. Opruff organiséieren fir méi Benevolen ze fannen.
Denkmalschutz Duerfbild, Ensemble-Schutz	Op dëst gëtt am PAG opgepasst.	
Erhalen vum Patrimoine architectural: d'Leit op mannst mol informéieren, besser froen, éiert e Gebai klasséiert gëtt	D'Awunner hunn Zäit bis am Mee 2019 ze decidéieren, ob hiert Haus soll an di kommunal Klassifikatioun kommen oder net.	

THEMA 4: Zesummeliewen		
Iddien	**Aktuelle Stand**	**Geplangt**
Zesummeliewen tëschent Al a Jonk förderen, een Treffpunkt schafen wou Diskussioun iwwert dat wat an der Welt sou geschitt	D'Gemeng stellt de Bistrot zur Verfügung fir dës Treffpunkter, an deenen Themen am klenge Krees diskutéiert ginn.	Dës Diskussiounsronnen an d'Liewe ruffen.
Strukture schafen fir betreit Wunnen am Alter	Strukture fir betreit Wunnen ze schafen ass net esou einfach, evt. an engem neie PAP...	
Nei bäigezunne Bierger iwwert Veräiner besser integréieren	D'Wëllkommensbroschüre ass an der Maach (Dauler Atelier).	
Besser Integratioun vu neien Awunner an d'Duerf- a Veräinsliewen		

THEMA 5: Energie		
Iddien	**Aktuelle Stand**	**Geplangt**
Wasserrad op der Fabrik net nëmmen Deko mee och Energieproduktioun	Aus Gewässerschutz-Grënn muss genuch Duerchfloss an der Baach bléiwen, dowéinst ass net méi genug Waasser am Kanal fir d'Rad unzedréinen. Eng nei Programmatioun wier eng Méiglechkeet, d'Rad rëm heinsdo un d'Dréinen ze kréien. Dës wier awer deier.	
Waasserenergie promouvéieren		
Bei ekologesche Projeten d'Wirtschaftlechkeet och berücksichtegen		
Weider Energiekonzepter ausschaffen		
Och ekologesch denken bei Luxusobjekter		Nei Subsidien fir PV-Anlagen ab dem 1. Januar 2019! Den EnergieAtelier mecht heifir Reklamm (Synergie, Gemengebuet).
Jidderee soll säin eegenen Energieproduzent ginn! Energiespuere ass prioritär!		
Gemengen sollen eng autark Energieversuergung ustriewen		

THEMA 6: Nohalteg Liewen

Iddien	Aktuelle Stand	Geplangt
Gesond a regional Ernährung	Den Théo Ney hat de belschen Ernährungscoach den Här André Roberti virgeschloen.	Konferenz organiséieren
Nohaltege Konsum förderen an de Maison Relais & Schoulen	D'Integratiounskommissioun organiséiert all Joer d'Cuisine du Monde. Dëst Joer soll dësen Event nomëttes stattfannen, fir dass och d'Kanner kënnen deelhuelen.	Bei Sicona nofroen fir de Programm *„Natur Genéissen"*
Bourse fir Verléinen vu Geschier,... op lokalem Plang ariichten		Facebook Grupp starten Am Buet 1 Säit virgesinn fir „Tauschen & Verschenken"

THEMA 7: Tourismus

Iddien	Aktuelle Stand	Geplangt
Een Autopédestre duerch eng Attraktioun opwerten (zB Planetenwanderweg)	– Zesumme mam ORT Guttland gëtt versicht de Rëmmereger Autopédestre ze verbesseren (net méi iwwer d'Schandeler-Strooss) fir en kënnen no de Qualitéits-Kriterien vum däitsche Wanderverband zertifizéieren ze loossen.	– De Jos Bormann freet beim ORT Guttland (Lynn Bintener Tel: 28 22 78 62) no wéinst dem „Planéite-Wee".
Tourisme: Bänken op der Gewan sollen all ee Numm kréien		– Plakette mat Numm (Gewan), evt. Koordinaten an SOS Nummer dropschréiwen
Roudbaach: Vu Platen aus een Accès fir de Public bei di renaturéiert Baach schafen mat Bänk & Poubelle		– Den Accès zur renaturéierter Baach mat enger Bänk & Poubelle ass fir d'Fréijoer virgesinn.

THEMA 8: Fräizäit

Iddien	Aktuelle Stand	Geplangt
Nach eng Spillplaz ariichten, wa méiglech am Bësch	D'Spillplaze sinn 2018 all analyséiert ginn an et ass festgestallt ginn, dass se an engem schlechten Zoustand sinn.	D'Erneierung vun der Proozer Spillplatz ass am Budget 2019 virgesinn (50.000 €). All Joer soll eng Spillplaaz erneiert ginn.
Eng grouss Rutschbahn am Schoulhaff fir d'Kanner: ab 2. Stack Post	D'Bierger sollen an d'Auswiel vun de Spill-Geräter abezu ginn.	Een Treffen mat Elteren organiséieren fir d'Spillplaz zesumme mam Service technique ze plangen.
Spillplatz zu Prooz		
Petanquepiste	Dës Pétanquespiste ass opgeriicht an bal ofgeschloss.	
Hondstoiletten	Zu Platen sinn 4 Gassi-Boxen opgeriicht ginn.	Eng wieder Gassi-Box tëschent dem Kinnewee a Kinnebësch opriichten.
Fitnessparcours zu Rëmmereg	Dës Iddi ass net zreckbehale ginn, wëll Fitnessparcoursen net oft benotzt ginn.	

THEMA 9: Kommunikation	
Iddien	**Geplangt**
Gemengenzeitung 1x/Joer mat Statistiken iwwer d'Entwécklung vun der Gemeng	Statistiken Ufank 2019 am Buet publizéieren: Unzuel (nei) Awunner pro Uertschaft, Altersstruktur, Nationalitéit, …
Kommunikatioun vun de Veräiner un d'Bierger	De Buet steet all de Veräiner als Kommunikatiounsmëttel zur Verfügung.

THEMA 10: Jugend		
Iddien	**Aktuelle Stand**	**Geplangt**
Encadrement vun de Jonken a Jugendlëchen Jugend responsabiliséieren Infrastrukture fir d'Jugend schafen	D'Integratiounskommission invitéiert all Jugendlechen (12-18 Joer) op een Treffen wou Prioritéiten & Wënsch vun de Jugendleche solle festgehale ginn.	De 15. November ass Trefffen mat de Jugendlecher an der Integratiounskommissioun.

THEMA 11: Lokal Wirtschaft		
Iddien	**Aktuelle Stand**	**Geplangt**
Lokal Wirtschaft förderen	Hei ënnerstëtzt d'Gemeng déi Initiativen, déi um kantonale Plang entwéckelt goufen: Kooperative Vun der Atert : vunderatert.lu Beki: beki.lu Kooperativ Gringgo: gringgo.lu	Gringgo.lu gëtt den 1. Januar 2019 gestart.
Vermarktung vu lokalen a regionale Produkter		

THEMA 12: Soss Iddien		
Iddien	**Aktuelle Stand**	**Geplangt**
Beschkierfecht	D'Gemengen Grousbuss an Useldeng géingen sech un dësem Projet bedeelegen. Gëtt ausgeschafft vum Dauler Atelier.	Genehmegungen & Waaserschutz-Gebitt analyséieren
Sportshal: 4 Vëlos Home-Trainer an d'Veranda setzen fir eis Sportler	Et ass keng grouss Demande fir Home-Traineren an der Sportshal.	
Verseuchte Bauschutt am Braakegäertechen	Dëse Bauschutt ass fort.	
Direkten Zougang zur Bicherkabin vum Bus-Arrêt		Direkten Zougang vum Bus-Arrêt zur Bicherkabin maachen